N° 3798
Entrée le 24.04.2026
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé
et de la Sécurité sociale

Äntwert vun der Madamm Ministesch fir Gesondheet a sozial Sécherheet op d'parlamentaresch Fro n° 3798 vum 19. Mäerz 2026 vum honorabelen Deputéierten Här Marc Goergen.

*1. Schafft d'Regierung aktuell drun, fir méi präzis Reegele fir de Beruff vum Assistant vétérinaire zu Lëtzebuerg anzeféieren? Wa jo, wat ass geplangt a wéi en Zäitplang ass virgesinn?*

De Ministère fir Gesondheet a sozial Sécherheet ass sech bewosst, datt et zu Lëtzebuerg aktuell nach kee reglementéierte Kader fir de Beruff vum Assistant vétérinaire gëtt an datt dës Situatioun et den Assistants vétérinaires net erlaabt, hir Kompetenzen an aller Sécherheet auszeüben.

De Ministère wëll däser Situatioun entgéintwierken an huet virgesinn, en Aarbechtsgrupp an d’Liewen ze ruffen, an deem déi zoustänneg Acteuren zesummekommen, fir iwwert eng méiglech Reglementatioun vun dësem Beruff ze diskutéieren.

An deem Kontext wäert de Ministère an noer Zukunft d’Representante vum Collège vétérinaire, vun der Association des Médecins-Vétérinaires du Grand-Duché du Luxembourg (AMVL) souwéi vum betraffene Beruff invitéieren.

Lëtzebuerg, den 24. Abrëll 2026

D'Ministesch fir Gesondheet
a sozial Sécherheet

(s.) Martine Deprez